Koler Movies Lëtzebuerg

RAPPORT GENERALVERSAMMLUNG 2014

KML huet seng alljährlech Generalversammlung Samschdes, den 1. Mäerz 2014 zu Koler an der Schoul ofgehalen.
De Comité war dësen Owend komplett vertrueden.
Eng Rëtsch vun alen Memberen waren och uwiesend.

***

No der Begréissung um 18h30 huet de President Marc Barnig de Reckbleck vum Joer 2013 virgedroen. Dat Ganzt ass (wei mettlerweill traditionell) mat klengen Videoauschnetter begleed ginn. Eng gud Ambiance ass opkomm.

***

Duerno huet de Marc d'Verkafszuelen vun etlechen Filmer/DVDs vum leschten Joer veröffentlecht.

D'Keesiere Carole Weis huet duerno een detailléierte Keessebericht iwwert dat lescht Joer virgedroen. 2013 huet KML insgesamt 271 DVDs verkaaft an sech ener anerem een Kameraslider an eng Go Pro (+Accesoires) kaaft.

De Frank Hansen huet dunn een Ableck an d'Online Statistiken vun eisem Internetsite ginn.

***

Ausbléck op d'Joer 2014:

- KML probéiert an Zukunft eng oder zwou Serien ze schreiwen an ze produzéiren dei spéider exklusiv fir den Internet/Sozialnetzwierker reserveiert bleiwen.

- Filmakers Night war lescht Joer ausgefall wéinst engem Changement vun de Kinoen. Dëst Joer mecht de Festival eng weider Paus fir dann 2015 rem do weider ze maachen wou de Festival virun 2 Joer opgehal huet.

- KML sicht weiderhin no Leit déi interessant Projeten kennen virschloen. Dofir geet et och 2014 mat de Filmversammlungen weidergefuer.

Nodeems sech keen interesseiert bekannt huet, am Comité baizetrieden, deen 2013 aus 5 Léit bestan huet, wärt et och 2014 genee esou weidergoen.

***

Du war den offiziellen Deel vun der Generalversammlung eriwwer an et stoung Fräi Aussprooch um Programm. Déi nei KML-Memberskaart fir d'Joer 2014 zum Präis vu 5€ ass verkaaft ginn.

***

Den Owend ass dunn mat engem kuerzen Dokumentär vum Cyrille sengem neiste Filmprojet an engem Iwwerraschungsteaser fir dei zukünfteg KML-Produktuioun "R4" ausgeklong.